ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 24/11/2024

Commission du vivre-ensemble interculturel vum 13/11/2024

Presenzen

Présent	Absent
Block Stefanie Brandenburger Rosie De Rocco Magali Kinnen Sandrine Leurart Ann Peiffer Véronique Pinto Toni Sadler Marie (Sekretärin) Ungeheuer – Origer Sylvia	Fernandez Samantha (oofgemëllt) Ruppert Lydie (oofgemëllt)

1. Chrëschtmaart

De Chrëschtmaart fënnt dëst Joer de 14 & 15.12 statt. Mir hunn decidéiert nees Stären ze verkafe fir d'Flüchtlingskanner aus der Gemeng. D'Magali freet bei HUT a Croix-Rouge no, wéi vill Kanner an deenen 2 Strukture sinn. D'Kanner sollen hire Stär nees selwer bastelen an déi solle bis de Chrëschtmaart färdech sinn. D'Kanner sollen och e Merci Bild molen, wat mir de Léit kenne ginn déi e Stär kafen. D'Léit kréien dëst Bild an enger Enveloppe. Hei muss opgepasst ginn dass d'Enveloppe nämmlecht nummeréiert ass wéi de Stär.
Mir verkafen de Stär fir 25€. D'Kaddoe ginn an der Woch vum 16.12 verdeelt. D'Véronique kuckt hei nach fir en Datum ze fixéieren.
D'Marie mécht e Planning wou d'Léit vun der Kommissioun sech kennen aschreiwe fir um Chrëschtmaart ze hëllefen.

2. Soirée de bienvenue

Den Yves München vun de Gemeng këmmert sech em d'Powerpoint, mir mussen do näischt maachen. D'Véronique hellt deen Owend eng Ried. Mir haten d'Iddi eng Schungbox ze bastelen a Form vun enger Wish Box wou d'Léit hier Wënsch kennen drop schreiwen. D'Stéphanie këmmert sech hei drëms.

Helperknapp, 24/11/2024

3. Pakt vum Zesumme liewen

Et gouf unanime an der Versammlung vun de Léit déi präsent waren ugeholl, dass mir wéilte Kontakt ophuele fir dass eng Persoun dëse Pakt an eng Versammlung präsentéiere kënnt. Dofir wéilte mir de Schäffen- a Gemengerot froen op dëst fir si an der Réi ass? Falls jo, géinge mir de MIFA uschreiwen.

Falls dëst vum Schäffen- a Gemengerot accordéiert gëtt, wiere mir frou, wann opmannst 1 vum Schäfferot un dëser Präsentatioun deelhuele géing.

4. Divers

An der Versammlung ass d'Iddi opkomm fir d'nächst Joer en interkulturellen Adventskalenner um Schoulcampus zu Brouch ze maachen. Hei géing dann all Daach verschiddeLänner/Kulture virgestallt ginn. Dëst hale mir um Ordre du jour fir et an der Mëtt vum nächste Joer unzefänke mat plangen.

5. Nächst Versammlung:

29.01.2024 um 19:00 an engem Restaurant aus der Gemeng